LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, de l'Intégration
et à la Grande Région

Département de l'intégration

jepeuxvoter.lu

Léif Biergerin, léiwe Bierger,

Hu Dir Sujeten, déi Iech um Häerz leien? Wëllt Dir eppes bewierken an Är Stëmm dofir asetzen? Är Meenung zielt bei den nächste Gemengewale vum 11. Juni 2023.

Wann Dir nach net op de Wielerlëschten ageschriwwe sidd, geet et duer, wann Dir Iech am Populatiounsbüro vun eiser Gemeng oder online iwwer www.guichet.lu aschreift. Dir kënnt alleguerten Deel vun enger aktiver an engagéierter Gesellschaft sinn: jonk an eeler Persounen, nei Residenten a Leit, déi scho méi laang hei sinn, Net-Lëtzebuerger a Lëtzebuerger. Dat neit Walgesetz erlaabt et net-Lëtzebuerger Awunner sech direkt wa si am Land ukommen, anzeschreiwen!

Mat Ärer Participatioun bei de Gemengewalen engagéiert Dir Iech fir Iech selwer, fir Är Famill a fir d'Zesummeliewe vun alle Bierger an der Gemeng.

Sidd Dir schonn ageschriwwen? Dann deelt Är Experienz mat anere net-lëtzebuergeschen Awunner a sensibiliséiert si fir de Sujet an d'Wichtegkeet vun der politescher Participatioun.

Dir decidéiert d'Zukunft vun Ärer Gemeng. Rendezvous den 11. Juni 2023!

Méi Informatiounen iwwer d'Konditioune vun der Aschreiwung fir Net-Lëtzebuerger an iwwer d'Walen am Allgemenge sinn op echkawielen.lu disponibel. Aschreiwunge bis de 17. Abrëll 2023 um 17 Auer.

De Gemengerot

Hei kënnt Dir Iech op d'Wielerlëschten aschreiwen :



echkawielen.lu ichkannwaehlen.lu jepeuxvoter.lu icanvote.lu eupossovotar.lu